



Gesetzesprojekt matstëmme wäert, well et, wéi gesot, Verbesserung fir detachéiert Salariéë bedeit, beim Loun gradesou wéi bei de Liewensbedéngunge während dem Openthalt zu Lëtzebuerg.

Dëst Gesetz eleng garantéiert dat natierlech net, datt et den detachéierte Salariéen alleguer elo besser goe wäert. Do spillen och aner Beräicher mat eran. Net zulescht dee vun der Kontrolle vun der ITM, déi onbedéngt méi wierksam an ofschreckend muss ginn.

An deem Sënn hoffe mer, datt déi geplangte Reform vun der ITM séier virukënt an dann natierlech och e qualitative Sprong no vir bedeit.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Baum. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëst ass wuel e komplexe Gesetzesprojekt, soudatt ech a menger Riedezäit kaum all d'Verännerungen ernimme kann. Dofir wäert ech mech dann och op e puer speziell Punkte fokusséieren.

Dat gesot, hu jo och meng Virriedner schonn déi eenzel Elementer ausféierlech bellicht.

Bei dësem Gesetzesprojekt geet et drëms, d'Aarbechter, déi aus dem Ausland op Lëtzebuerg schaffe kommen, ze schützen a gläichzäitig eng fair Konkurrenz tëscht de Firmen ze assuréieren. Mat dësem Text sollen all déi Leit, déi zu Lëtzebuerg nëmmen temporaire schaffen, an dat op engem eenzelne Chantier, besser behandelt ginn. Wat heescht dat genau?

All Aarbechter, deen hei op Lëtzebuerg schaffe kënn, muss de Mindestloun kréien oder dee Montant, deen zum Beispill an engem Kollektivvertrag festgehalen ass. Och - an dat fannen ech besonnesch wichteg - muss de Patron dem Aarbechter, deen an eist Land kënn, eng anstänneg Wunneng fir ze iwwernuechte bereestellen. Richtig gläichgestallt zu engem Aarbechter, dee fest zu Lëtzebuerg schafft, ass een doduerch awer nach net ganz. Eréischt wann dës Persoun méi wéi 18 Méint hei zu Lëtzebuerg géif schaffen, hätt se quasi all d'sozial Rechter an d'Flichten, mat e puer Ausnahmen.

Zu esou engem Fall sollt et awer an der Reegel net kommen, well de Patron eng extra Demande muss maachen, fir datt d'Leit méi wéi ee Joer kënnen um Stéck hei schaffen. Et ass also weiderhin nach ëmmer attraktiv, fir d'Leit aus dem Ausland kommen ze loossen a se no engem Joer erëm heemzeschécken.

Zum Prinzip, datt d'Leit aus Europa dierfen hei zu Lëtzebuerg fir kuerz Opträg agestellt ginn, gëtt et verschidde Meinungen. Fakt ass, datt an der EU all EU-Bierger a Betrib déi selwecht Rechter soll a muss hunn. Dorënner och d'Recht fir all Firma, als Soustraitant mat enger anerer Firma hei zu Lëtzebuerg u Projeten ze schaffen. Mir kënnen net an enger oppener Ekonomie just op Basis vun den Nationalitéite vun de Mataarbechter oder vun de Betriber diskriminéieren. Ëmsou méi wichteg ass et dofir, dat anstänneg ze encadréieren.

Här President, net eréischt säit de groussen Infektionsketten an däitsche Schluechthaiser sollt de Leit kloer sinn, datt hei an Europa nach ëmmer Leit als bëlleg Aarbechtskraaft méissbraucht ginn. Dës Leit, déi fir dräi Su op esou Plaz schaffen kommen, wunne während dëser Zäit oft an inakzeptabelen Zoustänn zu zéng an engem oder an zwee Zëmmeren. Si hunn och oft keen Zougang zu anstännegen Sanitäranlagen. A wat dat fir Folge kann hunn, ech mengen, dat hu mer all an deene leschte Méint gesinn an natierlech och bedauert.

Et gëtt an Europa nach ëmmer de Problem vun der Ausbeutung vu bëllegen auslänneschen Aarbechter. Fir dës Problem ze behiewen, brauch een natierlech déi néideg legal Moyenen. Mee dat geet net duer! Virun allem mussen dës legal Verflüchtungen och herno an d'Realitéit ëmgesat ginn. Esou brauch ee virun allem herno och Leit, déi dat Ganz kontrolléieren kënnen. Dës Aufgab soll zu Lëtzebuerg vun der ITM iwwerholl ginn.

Elo ass et awer nun emol esou, datt et der ITM u Leit feelt, fir net nëmmen all Chantier, mee och nach all d'Wunnege vun dësen Aarbechter ze kontrolléieren. Wa mir also wëllen, datt et dës Leit an Zukunft besser hei zu Lëtzebuerg geet, schloen ech vir, datt mer och d'Sue fir méi Mataarbechter bei der ITM an d'Hand huelen. Ech weess, dat gëtt schonn zum Deel gemaach. Ech maachen hei nach eng Kéier andrénglech den Appell, datt een do eng Schëpp kann dropleeën. An déi Schëpp hätt natierlech och eis vollst Ënnerstëtzung.

Esou ass et nämlech wichteg, fir d'Fuerderungen an dësem Gesetz och an der Welt dobassen ëmsetzen ze kënnen. D'ITM ass den Dréi- an Aangelpunkt vun dësem Gesetz. Si kontrolléieren net nëmmen d'Leit an d'Betriber, si mussen och Preventiounsaarbecht leeschten. Duerch eng Säit - eng Säit! - op der ITM hirem Internetsite soll sech all Aarbechter a

Patron kënnen informéieren, u wéi eng Mesuren ee sech muss halen. Zum Beispill, datt een aacht Deeg Zäit huet, fir seng auslännesch Aarbechter unzemellen.

Et ass ëmmer wichteg, fir d'Leit iwwer hir Rechter a Flichten ze informéieren. Dat ass kloer! Dat wäert och keen heibanne bestreiden. Ech si mer awer net sécher, ob do eng Säit um Site vun der ITM duergeet. Et fänkt schonn domadder un, datt d'ITM en Internetsite op Däitsch an op Franséisch huet. Mir wëssen awer, datt grad bei detachéierten Aarbechter net onbedéngt ka virausgesat ginn, datt se Däitsch an/oder Franséisch kënnen. Deementspriedend muss d'ITM hei en Effort maachen, fir a méi wéi nëmmen deenen zwou administrative Sproochen vu Lëtzebuerg ze kommunizéieren, fir esou och wirklech jiddwerengem Accès zu dëse wichtegen Informatiounen ze garantéieren.

Ech maachen hei awer och nach zousätzlech den Appell, datt mer eis net domadder zefridde ginn, fir op engem Internetsite ze kommunizéieren. Mir mussen proaktiv um Terrain Werbung fir d'Rechter vun den Einzelne maachen. Well et ass net einfach virauszesetzen, datt een, dee mat deene wëllste Versprechungen am Ausland ugeworbe gëtt, fir hei zu Lëtzebuerg während enger Zäit ze schaffen, och weess, datt en iwwerhaupt Rechter huet, déi iwwert dat erausginn, wat e vu sengem Patron virgegaukelt kritt.

Sécherlech, déi meescht wëlle sech un d'Gesetzer halen. Déi meescht hale sech un d'Gesetzer. An déi meescht probéieren, esou konform ze sinn, wéi et nëmme geet. Et geet hei awer drëm, d'Aarbechterinnen an d'Aarbechter viru genau deene Patronen ze schützen, déi sech herno als schwaarz Schof eraustellen. Et geet drëm, Werbung ze maache fir d'Rechter vun all Einzelne.

Zum Transportsektor gouf ewell gesot, firwat deen net berücksichtegt gëtt. Ech mengen, dat ass kloer. Hei erhoffen ech mer, datt déi speziell Direktiv fir den Transportsektor dann och relativ séier do ass an transposéiert ka ginn. Mee, bon, dat ass eng Saach, déi e bëssen Zäit wäert brauchen, et ass e komplexe Sektor. An et ass näischt, wat sech vun haut op muer léise léisst.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Direktiv ass ee Schrëtt an déi richteg Richtung a Saachen Aarbechtsrecht, och well net nëmme ganz Betriber, mee och Aarbechter aus Interimsfirmen doduerch besser geschützt ginn. De Loundumping an Europa muss en Enn hunn. An dat heiten ass e wichtige Schrëtt an déi Richtung. All Mënsch, deen hei zu Lëtzebuerg egal wou un egal wat schafft, soll d'Gewësshuet hunn, datt en nom Mindestloun bezuelt gëtt an datt en a mënschewierdege Konditiounen ënnerbruecht gëtt. All Mënsch, deen hei zu Lëtzebuerg schafft, soll iwwer seng Rechter Bescheid wëssen.

All Betrib soll kënnen kontrolléiert ginn. Dofir ass dëst ee Schrëtt, awer och nëmmen e Schrëtt. An dee ganze Laf, fir un d'Zil ze kommen, steet nach virun eis. Et ass, wéi eise Premier géif soen, e Marathon. A mir mussen oppassen, datt eis net ënnerwee den Otem ausgeet.

Dat gesot, wäerte mir dat heite matstëmmen, well et drëm geet, d'Aarbechter besser ze schützen. Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen (*Piraten*)**.- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier an Aarbechtsminister Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Dan Kersch, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire***.- Merci, Här President. Loosst mech fir d'éischt all menge Virriedner an och dem Rapporteur e grouse Merci soe fir deen exzellente Rapport, dee mer hei presentéiert kritt hunn, deen ech awer bal verpasst hat, Här President! Opgrond vun där grousser Flexibilität vun der Chamber, fir den Ordre du jour ze änneren, hat ech bal mäin Asaz verpasst. Mee opgrond vun eise modernen Technologien hunn ech awer alles matkritt, wat hei geschwat ginn ass. Dofir, wéi gesot, e grouse Merci un all meng Virriedner, besonnesch un de Rapporteur fir dee Rapport.

Ech wollt vläicht op eng Manéier ufänken, wéi een et hei net gewinnt ass. Normalerweis, wann een e Gesetz presentéiert oder zu engem Gesetz schwätzt, wou ee mierkt, dass een eng grouss Zoustëmmung kritt, da klappt ee sech selwer op d'Schëlleren a seet: „Kuckt, wat huet d'Regierung hei eng exzellent Aarbecht gemaach!“ Ech wëll awer hei eng Kéier ganz kloer preziséieren, dass dee soziale Fortschrëtt, dee mer haut hei warscheinlech eestëmmeg zesummen decidéieren, op der Basis vun enger europäescher Direktiv fousst. Dat weist a mengen Ae ganz kloer, dass, entgéint deem, wéi et dobassen ëmmer duergestallt gëtt, Europa eis ganz kloer ka virubréngen. Virubréngen a Beräicher, wou mer per se keng national Léisunge fannen. An dee vum Detachement ass mat Sécherheet ee vun deene Beräicher.

■ **M. Franz Fayot, *Ministre de l'Économie***.- Très bien!

■ **M. Dan Kersch, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire***.- Déi detachéiert Aarbechter sinn an enger spezieller Situatioun. Dat ass elo vu bal alle Leit hei gesot ginn. A mir schwätze beileiwen net méi vun engem Randproblem. Ganz am Géigendeel! 2016 ass d'Unzuel vun den detachéierten Aarbechter insgesamt an der EU op iwwer 2,3 Milliounen Aarbechter, Salariéë geschat ginn, mat enger rasanter Tendenz no uewen. An et wäert och kee verwonneren, dass Lëtzebuerg, mat sengem ganz dynameschen Aarbechtsmaart, ganz, ganz uewen an der Statistik steet, wann et drëms geet, de prozentualen Undeel ze moosse par rapport zu der gesamter Aarbechtskraaft.

De Rapporteur hat eng Rei vu Chiffere genannt: 140.561 Salariéen, déi 2019 am Detachement zu Lëtzebuerg geschafft hunn. Ech wollt vläicht nach méi aktuell Zuele liwweren, déi ech elo nach de Mëtte vum Direkter vun der ITM geliwwert kritt hunn. Am Verglach: 2019 wéi gesot 140.561 Salariéen an 52.840 Deklaratiounen insgesamt. Am November 2020 ware mer bei de Salariéen net gradesou héich - d'Joer ass jo nach net eriwuer - a mir waren an enger Pandemie. An trotzdem hunn 118.216 Salariéë bis an den November iwwert den Detachement hei zu Lëtzebuerg geschafft. An 51.427 Deklaratiounen si scho bei der ITM bis an dësen November agaangen. Dat weist also, an ech soen et nach eng Kéier, trotz Pandemie, dass déi Tendenz no uewen och am Joer 2020 unhält. An ech sinn iwwerzeegt, soubal mer och ekonomesch erëm op nach bessere Féiss stinn, da wäert déi Tendenz och nach weider steigen.

Ech wollt awer vläicht och nach e puer Vergläicher maachen zu de Contrôlen, déi gemaach gi sinn, an och zu den Amenden, déi d'ITM gemaach huet. 2016 hate mer ronn, net ronn, mee 285 Contrôlen am Beräich vum Detachement. 2020 am November hu mer 4.048 Kontrolle gemaach. Dat sinn der scho méi wéi am Joer 2019, wou mer 3.540 Contrôlë gemaach hunn. An och bei den Amenden, déi ausgeschwat ginn, ass et en dramateschen Ustig. Wa mer 2016 nach 219.500 Euro als Amenden ausgesprach hunn, si mer am November 2020 op 5.832.400 Euro komm. Dat ass am November 2020 scho weesentlech méi wéi am ganze Joer 2019, wou mer am Ganzen 3.083.000 Euro als Amenden ausgeschwat hunn.

Ech soen déi Chifferen hei net, fir ze soen: „Kuckt, wat d'ITM fir eng super Aarbecht mécht!“ Ech sinn iwwerzeegt, dass se déi mécht, mee dat ass net d'Zil vun deenen Aussoen, déi ech hei maachen. Ech wëll och drop hiweisen, dass et net duergeet, déi Amenden auszeschwätzen. Et ass nach eng aner Problematik, déi sech am Kader vun deenen Amenden do stellt, an dat ass d'Andreiwe vun deene Suen, déi mer do als Amenden ausschwätzen. Och do ass et néideg, dass um europäesche Plang nach weider sech convertéiert gëtt an nach weider gekuckt gëtt, dass och dat, wat herno an deenen eenzelne Länner un Amenden ausgesprach gëtt, vun deenen auslännesche Betriber kann age-driwwen ginn. An ech verstoppen lech net, dass mer dobäi am Moment nach eng Rei vu Problemer hunn.

Ech wëll awer och soen, dass ech mech freeën iwwert den algemengen Interêt un der Reform vun der ITM a mech selbstverständlech och freeën, dass ech praktesch vun alle Bänken an ëmmer erëm héieren, dass mer weider mussen an d'Schaffenskraaft vun der ITM investéieren, dat souwuel um infrastrukturellen Niveau a selbstverständlech och wat déi personell Besetzung vun der ITM ugeet.

Et ass ganz vill hei iwwert déi besonnesch Situatioun, déi besonnesch vulnerabel Situatioun vun deene Leit geschwat ginn, déi am Detachement schaffen. Si schaffe fir hire Patron an engem Land, dat net hiert ass, wou se d'Situatioun net kennen. Derbäi kënn, dass se oft souguer a verschiddene Länner schaffen. Et ass jo net esou, dass, wann een am Detachement schafft, ee per se dann an en anert Land geet, mee oft sinn dat déi Leit an déi nämmlech Leit, déi souguer a ganz verschiddene Länner schaffen. Et ass och oft esou, dass se hir Rechter, an och dorop ass elo grad higewise ginn, vun deenen eenzelne Länner iwwerhaupt net kennen. Et ass och esou, dass se ganz oft Angscht hunn, mat den Administratiounen a Kontakt ze trieden, well se d'Situatioun net kennen, well se d'Sprooch net beherrschen etc. Ech mengen, et kéint ee ganz kuerz soen: Si hunn einfach net déi Repère wéi déi Leit, déi hei am Land wunnen. An dofir si se och besonnesch vulnerabel. An dofir ass d'Gefor, dass se effektiv ausgenotzt ginn, och besonnesch héich.

Dofir ass jo och déi Direktiv do esou extreem wichteg, well se d'Rechter vun deenen Detachéierte stäerkt a well se op där anerer Säit awer och d'Flichte vun deenen, déi d'Detachementsaarbecht an Usproch huelen, vill méi kloer reegelt.

De Projet de loi 7516 huet als Zil, an och dat ass gesot ginn, d'Direktiv 2018/957 elo hei ëmzesetzen. Dat wäerte mer haut maachen. An ech soen

alle Bedeelegte Merci fir déi konstruktiv Bäiträg. Merci!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- An ech soen dem Aarbechtsminister villmools Merci. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7516. Den Text steet am Document parlementaire 7516⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7516 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un.

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Joséée Lorsche et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

5. 7719 - Projet de loi modifiant l'article L 222-9 du Code du travail

Mir kommen elo zum Projet de loi 7719 iwwert d'Erhéijung vum Mindestloun. An do ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn d'Wuert un de Rapporteur, den honorablen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

■ **M. Georges Engel (*LSAP*)**, rapporteur.- Merci, Här President. Haut si mer hei, fir e wichtige Gesetzesprojekt ze stëmmen. Besonnesch wichteg an där Zäit, wou mer eis elo befannen. Et geet ëm d'Erhéijung vum soziale Mindestloun.

Zanter 1973 ass zu Lëtzebuerg de Mindestloun gesetzlech un den Index gebonnen. An zanterdeem gëtt et awer och e Prinzip, datt all zwee Joer d'Regierung der Chamber e Bericht iwwert d'Entwécklung vun der allgemenger wirtschaftlecher Lag, vun den allgemenger wirtschaftleche Konditiounen an dem Akommes virleet, a wann néideg, le cas échéant, esou steet am Gesetz, begleet mat engem Gesetzesprojekt fir eng Upassung vum Mindestloun.

An d'Salairé sinn an deene leschten zwee Joer, 2018 an 2019, geklommen: 2018 ëm 3,3 % an 2019 ëm 1,9 % (veuillez lire: 2019 ëm 1,7 %). An dëser Situatioun befanne mer eis also haut.

Mat dësem Gesetzesprojekt mat der Nummer 7719 setze mer eng Erhéijung vum Mindestloun ëm, an dat ab dem 1. Januar dann 2021. De qualifizéierte wéi den net qualifizéierte Mindestloun ginn dann ab dem 1. Januar ëm 2,8 % an d'Luucht a beleeft sech dann op 2.201,93 Euro (veuillez lire: an den net qualifizéierte Mindestloun beleeft sech dann op 2.201,93 Euro).

Wat bedeit dat elo fir de Salarié, dee betrafft ass?

Ma dat entsprécht enger Erhéijung vun 59,94, also ronn 60 Euro de Mount fir den net qualifizéierten, a fir de qualifizéierte Mindestloun ass et eng Erhéijung vun 71,93 Euro, also ronn 72 Euro de Mount. Eng Kéier 60 an eng Kéier 72 Euro de Mount méi an der Pai.



Déi meescht Leit, déi de Mindestloun hei zu Lëtzebuerg verdéngen, déi schaffen an der Restauratioun, der Hotellerie, der Agrikultur an am Commerce. A si kënnen et ganz gutt gebrauchen, déi 60 voire 72 Euro méi.

Här President, Lëtzebuerg huet e staarke Sozialmodell. A grad an Zäiten, an deene mir eis am Moment befannen, ass et gutt, fir net ze soe kruzial, datt mir esou e Modell hunn. An et ass enorm wichteg, datt mir op d'Instrument vum Mindestloun kënnen zrëckgräifen. Trotz der Coronakris, déi alles op d'Kopp gehäit huet an deene leschte Méint an déi eis viru ganz grouss Erausforderunge stellt, musse mer kucken, datt déi Vulnerabelst an eiser Gesellschaft net déi Haaptleeddroend sinn. Grad also déi, deene mer nach viru Wochen a Méint, och niewent deene Leit aus dem Santé- an dem Fleegesecteur, geklappt hunn, well si eis mat hire Camionen d'Liewensmëttel bruecht hunn, well se an der Keess an eise Buttek souzen a well se eisen Dreck virun der Dier ewechgehol hunn.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.**- Et dierf een net vergiessen, datt d'Erhale vun der Kafkraaft och eng wichteg Roll spillt, an déi dierf net reduzéiert ginn, an dëst besonnesch eeben och fir déi méi vulnerabel Leit. Et muss vermidde ginn, datt duerch dës Kris déi sozial Schéier weider auserneeget. Mir dierfen déi schwächst an déi vulnerabelst Persounen an eiser Gesellschaft net nëmmen net vergiessen, mee mir musse se virun allem och schützen.

Grad a Krisenzäite ginn d'Inegalitéite méi grouss. A ginn dës Inegalitéiten ze grouss, dann zerfriesse se ganz séier eis Cohésion sociale an eisem Land. An op déi ware mer bis elo nach ëmmer stolz. An op déi konnte mer bis elo nach ëmmer zielen. An duerfir musse mer och alles maachen, fir déi ze erhalen.

Duerfir ass et och en Akt vun der sozialer Kohäsion, wann de Mindestloun an d'Luucht geet, wann och déi aner Léin steigen. Dat ass absolutt net vu Muttwëll. An et huet natierlech och eppes mat der Lutte géint d'sozial Ongläichheeten ze dinn.

Mir wëllen eng Gesellschaft, déi d'Leit zesummebréngt. An heifir gëtt et vill Facteuren, mee dee finanzielle Facteur ass nun emol och een, deen hei eng wichteg Roll spillt. Een Hiewel, deen eis erlaabt, d'Aarmut ze bekämpfen an d'Kafkraaft ze erhalen, ass nun emol eeben d'Erhéijung vum Mindestloun.

Dës Diskussioun ronderëm de Mindestloun, déi spigele sech a ganz Europa erëm. An Europa gëtt et sech Länner, déi kee Mindestloun agefouert hunn: Italien, Dänemark, Schweden, Finnland an Éisträich an Zypern. An et besti grouss Ecarten am Akomes tëschent den ënnerschiddleche Länner. Et gëtt siwe Länner, déi e Mindestloun vun iwwer 1.000 Euro hunn: Frankräich, Däitschland, Irland, Spuenien, Belsch, Holland an natierlech och Lëtzebuerg.

Elo läit awer e Virschlag vun der Europäescher Kommissioun vir, fir eng nei Direktiv anzeféieren, déi et erlaabt, datt all Land an der EU e Mindestloun aféiert. Net en universelle Mindestloun mat engem gläiche Montant, mee en adequate Mindestloun pro Land, fir anstänneg kënnen do ze liewen. Den Nicolas Schmit ass de Motor hannert dëser Initiativ. A mir ënnerstëtzen hie voll a ganz.

■ **Une voix.**- Bravo!

■ **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.**- Dëst, just fir ze erläutere, wéi wichteg déi sozial Rechter sinn a wéi wichteg eng konkret an effikass Sozialpolitik ass.

Hei zu Lëtzebuerg kënn dës Erhéijung hei zu engem opportune Moment. Jo, et kéint een driwwer diskutéieren, mee mir fannen, datt et en opportune Moment ass!

Dës Erhéijung gëllt fir ongeféier 60.502 Salariéen - d'Fonctionnaire sinn do exclus -, dovunner 55 % Residenten, wat dann 33.500 Leit ausmécht. Déi meescht wunnen am Kanton Esch/Uelzecht: 35 %. Bei 443.000 Salariéen hei zu Lëtzebuerg, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, maachen d'Mindestlounempfänger awer e groussen Deel, nämlech 14 %, aus.

Och mat dëser Erhéijung dierfe mir awer net vergiessen, datt déi Leit, déi mam Mindestloun liewe musse, et och weiderhin net einfach hunn, fir datt all hir Käschten elo gedeckt kënnen ginn! Mir musse weider dru schaffen a weider Efforte maachen, fir déi Ongläichheeten hei aus dem Wee ze kréien, an och do ee weidere grouss soziale Brennpunkt hei an eisem Land ugoen, nämlech dee vun Logement.

De Käschtepunkt erhieft sech fir déi gesamt Lounerhéijung op 43,3 Milliounen Euro, wou nach d'Erhéijung vun de Patronatscotisatiounen vun 11 Milliounen dobaikommen. Esou chiffriert sech insgesamt de Gesamtkäschtepunkt op 54,3 Milliounen Euro. An dat ass, an dat wësse mir allegueren heibannen, an och déi, déi hei absolutt fir de Mindestloun sinn, eng Charge fir eis Betriber. An déi ënnerschätze mer och net, well d'Betriber et an dëser Zäit wierklech net einfach hunn. An dofir ass et och

ze bemerken, datt en anere Gesetzesprojet um Instanzewee ass, fir de Betriber eng Kompensatioun ze garantéieren, fir d'Käschte vun dëser Erhéijung ze absorbéieren. Dat mat enger Prime unique vu 5 Euro pro Salarié, deen an deem Fall vun der Erhéijung vum Mindestloun ass, fir quasi ...

■ **Plusieurs voix.**- 500!

■ **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.**- 500. Wat hat ech gesot?

■ **Plusieurs voix.**- 5!

■ **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.**- A nee, 500 natierlech, net 5! Dat géif net duergoen. Nee, 500 Euro pro Salarié. Et steet och 500 hei. An dat mécht dann also, datt de Mindestloun fir quasi en halleft Joer bis da ronn Juli 2021 mat dëser Subventioun kompenséiert gëtt.

(*Interruption*)

An och dat ass eng richtig Moosnam, fir de Betriber, grad an esou enger schwéierer Zäit, entgéintzekommen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.**- Dozou sti mir voll a ganz.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.**- De Gesetzesprojet gouf de 24. November deposéiert. De Staatsrot huet e favorabelen Avis ginn. Et koumen och Aweise vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers den 2. Dezember eran, andeem se hiren Desaccord markéieren, well d'Entreprises et scho mat enger schwiereger wirtschaftlecher Lag, mat engem schwierere wirtschaftleche Kontext ze dinn hunn.

D'Chambre des Salariés huet e favorabelen Avis de 4. Dezember ofginn, kritiséiert awer d'Methodologie, fir d'Adaptatioun ze berechnen, well déi 5 % vun deene beschbezuelte Gehälter net an de Calcul vun der Evolutioun vun den Duerchschnittsléin matgehol ginn. Déi zwee Avisen do, soulaang ech emol déi Erhéijung vum Mindestloun hei op dëser Tribün als Rapporteur matgemaach hunn, zéie sech duerch déi lescht Joren ëmmer als déi selwecht.

De Rapport gouf an der Aarbechtskommissioun de 7. Dezember ugehol. An ech soe jiddwerengem Merci fir den Accord vun dësem Projet. An ech ginn och heimat den Accord vun der LSAP.

Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen dem Här Rapporteur Georges Engel villmools Merci. An als éischte Riedner ass op en Neits den honorabelen Här Aly Kaes agedroen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Aly Kaes (CSV).**- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, jo, et sinn aussergewéinlech Zäiten. Un éischter Stell fir déi Leit, déi ennen an der Lountabell stinn. Déi Leit, déi schonn - jo! - an normalen Zäite struwelen, fir déi zwee Enner beieneenzekréien. Déi Leit, déi ni an hirem Liewen d'Méiglechkeet hunn, e Sou op d'Säit ze setzen, fir déi méi schwiereg Zäite besser an de Grëff kënnen ze kréien.

Jo, haut decidéiere mer, fir u sech de Minimum, deen een hei am Land rechtlech dierf verdéngen, de Mindestloun, ëm 2,8 % ze hiewen. Dat heescht also vun 2.141 op 2.202 Euro brutto. Et gesäit een also, datt dat, och wann dat 2,8 % sinn, an der Realitéit dach awer nach ëmmer e bescheidene Betrag ass.

Et ass e bësse méi wéi eng normal Indextranche. Dat ass awer, op där anerer Säit, zäitversat, de Retard, deen u sech opgehol gëtt, an engem bestëmmte Sënn, ...

(*Brouhaha*)

... vun de leschte Joren, ...

(*Brouhaha*)

... et ass schonn hei gesot gi vum Rapporteur, vun 2018 an 2019.

Jo, et si méi wéi 60.000 Leit. An et muss een awer bedenken, et ass virdru vun Här Baum bei deem Gesetz virdru gesot ginn: Mir hunn zirka 450.000 Salariéen hei zu Lëtzebuerg. Wann een dann do iwwer 60.000 um Mindestloun huet, dann ass dat schonn en enorm héije Prozentsaz, deen dach awer beweist, datt net jiddereen hei zu Lëtzebuerg - wéi seet ee sou schéin? - „mat Zoossissen ugestréckt ass“.

■ **M. André Bauler (DP).**- Op Rouse gebett ass!

■ **M. Aly Kaes (CSV).**- 44 Euro, wollt ech awer och nach soen, mécht dës Erhéijung netto aus fir eng Persoun mat der Steierklass 1.

Et ass och richtig, et gëtt dacks gesot: „Dat si jo virun allem Leit, déi net hei zu Lëtzebuerg wunnen.“ Deem ass net esou! Dee groussen Deel vun deene Leit oder e gudden Deel vun deene Leit sinn hei zu

Lëtzebuerg sesshaft, nämlech méi wéi d'Hallschent, wäit méi wéi d'Hallschent.

Ouni wëllen dann awer op d'Berechnung vum Referenzbudget vum Statec am Detail anzegoen, bedeit dat awer och, datt u sech déi Suen hei, déi engem Mindestlounempfänger zur Verfügung stinn, nach ëmmer ganz kloer ënnert dem Referenzbudget vum Statec leien, dat heescht dee Betrag.

Et fält mer also duerfir ganz schwéier, fir deene Leit hei eng Tribün ze ginn, déi sech mordicus géint d'Hausse stemme vum Mindestloun. Ech hunn, ech muss dat ganz éierlech soen, kee Verständnis duerfir. Och wann déi Zäiten hei fir Betriber net einfach sinn, an ech kommen nach dorop ze schwätzen, da mengen ech, ass et op där anerer Säit awer och net einfach fir déi Leit, ëm déi et haut hei geet.

Ben, de Rapporteur huet jo och vun der Upassung vum Mindestloun geschwat, datt dat a sech keen Automatismus ass. Et ass un der Chamber, dës Upassung allkéiers virzehuelen an normalerweis ze kucken, wéi d'Evolutioun vun de Salarié vun de leschten zwee Jor am Prinzip ass. Dat ënnerscheet och de virleiende Mechanismus vun der automatescher Indexupassung.

Ech mengen awer och, datt dës Upassung eis allequerte verflucht. Et ass eis Responsabilitéit, datt déi Leit, souwäit dat da bei deenen aktuellen a besonnesch de Käschten eeben am Beräich vun de Logementspräisser méiglech ass, awer nach dezent kënnen liewen.

Ech hu virdun d'Betriber ugeschwat. Et ass natierlech esou, datt d'Betriber eebefalls eng ganz schwéier Zäit duerchmaachen. Eng Zäit, wou eng ganz Rei Betriber extreem vill ënnert de Restriktiounen leiden, de Mesuren, déi geholl ginn, fir datt mer d'Pandemie besser an de Grëff kréien. Déi eng Betriber spieren dat weenig an aner Betriber spieren dat extreem, extreem vill. An duerfir ass et richtig a wichteg, an ech mengen, do kann ech nëmmen dem Rapporteur och bäiflichten, datt mer eppes maachen, fir virun allem deene Betriber ënnert d'Ärm ze gräifen. Well et ass kengem geholfel, wa mer mat dësem Projet de Betriber, déi sech jo aktuell schonn a Schwieregkeete befannen, definitiv den Dolchstouss verpassen. Dat ass awer ganz sécher de Betriber net geholfel, hire Mataarbechter net geholfel an der Lëtzebuerger Economie och net.

Duerfir ënnerstëtze mir voll a ganz dës Projet als CSV. Ech erlabe mer awer nach, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Ofschloss dem Här Rapporteur villmools Merci ze soe fir säi schrëftlechen an och fir säi mündleche Rapport. An ech ginn d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu dësem Projet a soe Merci fir d'Nolauschteren. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kaes. Nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Carole Hartmann (DP).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi aktuell ekonomesch Situatioun ass keng einfach. De Lockdown uganks der Kris an d'sanitär Mesuren, déi zënterhier gëllen, hunn d'Aktivitéite vun eise Betriber ausgebremst an d'Reprise fir vill Secteure méi schwéier gemaach. Déi wirtschaftlech Unsécherheet, déi eis Betriber duerchmaachen, huet onweigerlech och en Afloss op d'Salariéen, déi sech hirersäits Suerge maachen, datt si hir Aarbechtsplaz kéinte verléieren.

Am Verlaf vun der Kris huet d'Regierung dowéinst alles doru gesat, d'Leit an der Aarbecht ze halen an de Betriber duerch dës schwéier Zäit ze hëllefen. De Chômage partiel huet verhënnert, datt Entreprene hir Salariéen entloosse musse. De Staat huet 80 % vum Salaire iwwerholl. Dës Mesurë goufen och e puermol verlängert, fir deene Secteuren ënnert d'Ärm ze gräifen, déi et am schwieregsten hunn, erëm op d'Been ze kommen.

Am Kader vum Plan de relance a vum Programme de stabilisation gouf eng Panoplie un Direktaidé fir Betriber an Indépendantë fräigesat. D'Allocation de vie chère gouf verduebelt. An als nächste Punkt um Ordre du jour haut steet d'Erhéijung vum REVIS a vum Revenu pour personnes gravement handicapées, fir deene Schwächsten an eiser Gesellschaft ënnert d'Ärm ze gräifen.

Mir hunn hei an der Chamber och e Gesetz gestëmmt gehat, dat de Stage de professionnalisation an de Contrat de réinsertion-emploi op aner Alterskategorien erweidert. Am aktuelle wirtschaftleche Kontext ass de Leit nämlech am meeschte geholfel, wa si eng Aarbecht fannen.

Et ass eis awer och alleguer bewosst, datt et hei zu Lëtzebuerg net einfach ass, mam Mindestloun iwwert d'Ronnen ze kommen. All zwee Joer gëtt dohier eng Analys gemaach vun der Entwécklung vun de Salairen. Op der Basis vun de virausgoende Jore gëtt gekuckt, ob et zu enger Erhéijung vun de Gehälter komm ass a wéi vill dës a Prozenter ausmécht. Am aktuelle Fall sinn d'Joren 2018 an 2019 considéréiert ginn, eng Zäit, an där d'Paien ëm 2,8 % eropgaange sinn. De Code du travail gesäit vir, datt op der Basis vum Rapport, dee gemaach gëtt, le

cas échéant och eng Erhéijung vum Mindestloun kann envisagéiert ginn. Dës Formulatioun weist, datt mer et hei net mat engem legalen Automatismus ze dinn hunn, mee datt d'Gesetz duerchaus Spillraum gëtt, fir déi ekonomesch Situatioun ze berücksichtegen.

Zanter dem Aféiere vun der aktueller Reegelung gouf de Mindestloun trotzdeem all zwee Joer gehuewen, ouni Ausnamen. Souguer a wirtschaftlech schwéieren Zäiten ass dat gemaach ginn, wéi an der Stolkris an och an der Finanzkris. Eis Regierung huet d'Decisioun geholl, dëst an der aktueller Kris net anescht ze maachen an de Mindestloun op den 1. Januar 2021 ëm 2,8 % ze erhéien.

D'DP stellt de Prinzip vun der Adaptatioun vum Mindestloun un d'Gehälterentwécklung net a Fro. Et ass schlusslech eng sozial Mesure, déi deene vulnerabelste Menagen zeguttkënn. E méi héije Mindestloun belaascht awer onweigerlech d'Betriber, notamment aus deene Secteuren, déi am stäerkste vun dëser Kris impactéiert sinn, wéi de Commerce an den Horeca-Secteur.

Et besteet och de ganz seriöse Risiko, datt eng Rei vun de Betriber, deenen hir Käschten duerch d'Erhéijung vum Mindestloun an d'Luucht ginn, hir Präisser wäerte musse upassen, fir esou iwwert d'Ronnen ze kommen.

Fir déi finanziell Zousazbelaaschtung op eis Betriber ofzefiederer, huet de Mëttelestandsminister Lex Delles eng Prime unique vu 500 Euro pro Salarié, deen de Mindestloun bezuelt kritt, zougeséichert. Dës Prime unique war fir d'Demokratesch Partei d'Konditioun, fir der Erhéijung vum Mindestloun hei zoustëmme.

An och doriwwer eraus musse mer de Betriber an den Indépendanten, déi de Motor vun eiser Economie sinn, an dës schwéieren Zäiten zur Säit stoen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Carole Hartmann (DP).**- Well et bréngt och engem Mindestlounempfänger näischt, wann en um Enn awer aus ekonomesche Grënn muss entlooss ginn oder säi Patron et net packt, well en am Endeffekt faillite geet.

■ **Une voix.**- Ganz richtig!

■ **Mme Carole Hartmann (DP).**- Här President, e méi héije Mindestloun huet virun allem den Zweck, d'Kafkraaft vun de Leit ze stäerken. Si solle weiderhin d'Méiglechkeet hunn, ze konsuméieren an esou eis Wirtschaft unzekuerbelen. Dat setzt natierlech viraus, datt d'Leit och hei am Land Produite kafen a Servicer an Usproch huelen. Dowéinst maachen ech hei e waarmen Appell u jiddwereen, seng lokal Betriber ze ënnerstëtzen, fir datt si esou séier wéi méiglech nees op d'Bee kommen. D'Gemene kënnen hiren Deel och dozou bäidroen an hir lokal Betriber mat konkreete Mesuren ënnerstëtzen.

E klengt Beispill: Duerch déi sanitär Kris huet den Onlineshopping jo u Belëiftheet gewonnen. D'Stad Lëtzebuerg huet esou Ufank Dezember an Zesummenaarbecht mat der Stater Union commerciale den Internetsite cityshopping.lu iwwerschaafft, fir hire Commercen eng attraktiv Plattform fir hir Produiten ze bidden.

Fir d'Demokratesch Partei ass et och enorm wichteg, de Betriber hei am Land e gesond Mooss u Flexibilität ze garantéieren. D'Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäiten, zum Beispill a Form vun enger Joresaarbechtszäit, hu mir schonn an eisem Walprogramm 2018 proposéiert. Dat kënn net eleng de Patronen zegutt. Och ëmmer méi Salarié wënsche sech flexibel Aarbechtszäiten, fir Famill, Fräizäit an Aarbecht besser ënner een Hutt ze kréien.

D'Auswierkunge vun der Kris wäerten eis nach eng Zäit begleeden. Dat steet ausser Fro. Wa mir de Leit an de Betriber wierklech hëllefe wëllen, da gi Suen eleng net duer.

Mir musse hinnen och de Fräiraum fir eng gesond Entwécklung schafen.

Ech ginn den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet, soen dem Rapporteur nach eng Kéier Merci op dëser Plaz a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hartmann. An ech ginn d'Wuert un deen honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Charles Margue (déi gréng).**- Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, virop merci dem Georges Engel fir säi mündlechen a schrëftleche Rapport. An och menge Virriedner, déi elo viles erkläert hunn, ëm wat et geet, wat d'Enjeu si vun dësem Gesetz vun der Erhéijung vum Mindestloun ëm 2,8 % an deenen anere Mesuren, déi mer haut och nach stëmmen.

Ech hunn deem am Prinzip näischt bäizefügen, ausser dass ech déi Moosnam total ënnerstëtzen.

Eng sozial gerecht Gesellschaft ass eng Gesellschaft, déi sech, wéi gesot, an éischter Linn ëm hir



schwächste Membere këmmert. Et ass eng Gesellschaft, déi een opfänkt, wann een duerch Imprevuen am Liewe riskéiert, an d'Aarmut ofzerutschen.

An esou eng Gemeinschaft muss derfir suergen, dass et sech mat engem Loun a mënschewierdege Konditiounen liewen an net just iwwerliewe léisst. De Mindestloun ass ee vun deenen Haaptoutillen, fir dëst Zil ze erreechen, och wann ee sech d'Fro nach ka stellen, wéi virdru gesot, ob et da méiglech ass, mat engem Mindestloun oder zwee pro Famill hei am Land méi schlecht wéi recht ze liewen.

Lëtzebuerg soll weider Virreider bleiwen, wat d'sozial Gerechtegkeet ugeet, wéi et och am Koalitionsaccord steet, wou mer eis derzou bekennen. Ambitiéis, gerecht an nohalteg. Och wann d'Gesetz virgesäit, dass dat all zwee Joer gemaach ka ginn an et och an deene leschte Joren ëmmer gemaach gouf, ass dat keen Automatismus, mee et ass e politesche Schrëtt, et ass eng politesch Decisioun, déi mer hei wueliwwerleucht maachen.

Ech wëll hei ausdrécklech betounen, dass dës Upassung un d'Lounentwécklung vun de Joren 2018 an 2019, déi gesetzlech esou gemaach ka ginn, e wichtige Schrëtt an déi richteg Richtung ass. 2018, 2019, dat ass also schonn zwee Joer hier, wou mer e Retard hunn, wat de Mindestloun ugeet. Et ass eng retroaktiv Upassung.

Et ass e politeschen Akt, fir derfir ze suergen, dass d'Schéier tëschent Räich an Aarm net nach weider auserneegeet. Ech fäerten, se geet ausernee, mee mer bremsen d'Auserneegeen. An et ass e politeschen Akt, fir deene Mënschen ënnert d'Äerm ze gräifen, déi et am néidegste brauchen. 60 Euro respektiv 72 Euro de Mount méi an der Pai ass fir déi Leit, fir déi Mënschen nett näischts. An déi Sue sinn hinne geschëllt, esou hunn eis Virgänger hei et gesetzlech verankert. An dat net trotz Coronakris, mee à la limite ass et och grad weinst der Coronakris gutt, dass mer dëst Gesetz haut stëmmen. Eng Kris, wou mer gesinn, dass mer vun dëser finanziell net all d'selwecht getraff ginn.

D'Poleemik, déi et ëm dës Schrëtt gouf, ass - esou hoffen ech et - spéitstens hifälleg ginn doduerch, dass Kompensatiounsmoosnamen an deenen nächsten Deeg gestëmmt ginn. Mir hëllefen, wéi et virdru gesot ginn ass, deene Betriber geziilt, fir dës Lounerhéijung durchzehalen, och wa si schwéier getraff gi sinn an ënnert der Coronakris gelidden hunn oder nach leiden.

Ongeféier eng Persoun vu siwen, wann een déi schaffend Bevëlkerung hei am Land kuckt, ass vun eiser Entschëddung beträff: 61.000 Mënschen an hir Familljen, déi haut dat kréien, op dat se e Recht hunn.

Mir begrëssen also dës gesetzlech Upassung vum Mindestloun, well et ass fir eis e wichtige Schrëtt an d'Richtung vun enger sozial méi gerechter Gesellschaft. An ech ginn domat den Accord vun der grénger Fraktioun fir dës Projet.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Charles Margue. An ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen (*ADR*).**- Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir begrëssen dës Erhéijung vum soziale Mindestloun. Et ass eng Saach, ...

(Brouhaha)

Da waart, da kommen ech dorobber.

(M. Jeff Engelen se déplace vers le pupitre.)

Jo. Entschëllegt, ech hat gemengt, et géif vun dohannen aus goen. Da maache mer dat elo vun hei.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir begrëssen dann och déi sozial Erhéijung vum Mindestloun. Et ass e Schrack, deen all zwee Joer op der Dagesuerdnung steet. An opgrond vun der Lounentwécklung vun deene leschte Joren, an dësem Fall 2018 an 2019, géit deem Rechnung gedroen. An et bréngt deene Leit, déi op der ënneschter Stuf leie vun eiser Lounskala, och net alles, mee et ass awer e Schrack fir si, dee wichteg ass an deen hinnen hëlleft, e bësse besser iwwert d'Ronnen ze kommen. Dës Kéier ass et jo en Netto vu 44 Euro.

Ech wëll fir unzefänken dem Här Georges Engel en häerzleche Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et muss een och wëssen, dass dës Erhéijung, déi hei gemaach gëtt, dem lokale Commerce gréisstendeels erëm zeguttkënnt, well déi Leit fuere jo net an d'Vakanz oder hin an hier. Déi Leit bréngen erëm déi Suen, déi se do méi kréien, an de Commerce, soudatt mer do am Fong geholl och erëm eng Kéier en Ausgläich kréien.

An ech mengen, an deem Sënn do begrëisse mer dëst Gesetz, an ech bréngen d'Zoustëmmung vun der ADR zu dësem Gesetz.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Engelen. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Baum (*déi Lénk*).**- Merci, Här President. Et ass elo scho puermol gesot ginn: De Mindestloun gëtt zu Lëtzebuerg per Gesetz definéiert. Dat ass net an all Land esou. Dat huet awer bei eis dee ganz grouse Virdeel, dass de Mindestloun en Element vun enger parlamentarescher Auseanersetzung ass an en Element vun enger Debatt, wou sech alleguer d'politesch Parteien derzou äussere kënnen an äussere mussen an dat dann esou festgehal gëtt.

Dee Prinzip, dass all zwee Joer d'Regierung opgefuerdert ass, e Rapport ze maachen iwwert déi allgemeng wirtschaftlech Entwécklung, awer am Bessereschen d'Lounentwécklung, dee Prinzip, deen ass méi al wéi ech. Den Här Engel huet d'Stéchdate virdru genannt. Et ass richtig, dass et keen Automatismus ass, well wann et en Automatismus wär, da bräichte mer net heiriwwer ze diskutéieren an net heiriwwer ze deliberéieren.

Mee et muss ee soen, dass en awer coutume ass, an dass en, wéi et och richtig gesot ginn ass, nach ni virdru komplett ausgesat ginn ass. An der Vergaangenheet sinn emol d'Modalitéiten, wéi e berechent gëtt, verännert ginn. Et sinn och eng Kéier Decalagë ginn, wat d'zäitlech Adaptatiounen ugeet. Mee de Prinzip selwer ass coutume, dass hei an der Chamber akzeptéiert gëtt, dass de Mindestloun all zwee Joer un déi allgemeng Lounentwécklung ugepasst gëtt.

Wat mécht dat elo aus? Dat si ronn 60 Euro brutto. An dat kënn 60.000 Leit zegutt, also engem ganz groussen Undeel vun deene ronn 450.000 Salariéen, déi zu Lëtzebuerg schaffen, déi, wann een dat dann esou nenne kann, an de Genoss vun där doter Augmentatioun kommen.

An 2,8 %, dat war an der Vergaangenheet schonn dacks weesentlech méi héich, et war awer och scho méi niddreg, mee et spigelt eeben dat erëm, wéi d'Gehälter sech an deene leschten zwee Joer zu Lëtzebuerg entwéckelt hunn.

Duerfir mengen ech, dass mer natierlech als Lénk deem heite Mechanismus eis Zoustëmmung ginn, där heiter Reflexioun eis Zoustëmmung ginn, well et ass notament een Element vu sozialer Kohäsion, ee vun deene strukturellen Elementer, déi mer eis zu Lëtzebuerg ginn hunn, fir ze verhënnere, dass déi sozial Schéier nach méi wäit ausenangergeet. An et ass virun allem och en Element, wat doranner bestoe soll, dass e Mënsch, dee Vollzäit schafft, och eleng duerch säi Loun kapabel soll sinn, en dezent Liewen ze féieren. A mir wëssen, dass dat zu Lëtzebuerg net ëmmer ginn ass, notament duerch déi immens héich Logementspräisser. Mir wëssen, dass fir Dausenden, Zéngdausende vu Leit dat doten net evident ass. An derfir ass et wichteg, dass mer déi Upassung maachen, an dësem Fall 60 Euro.

An e weidert Element, mengen ech, dass muss een awer ëmmer soen: Eng Mindestlounerhéijung ass och ëmmer en Element vu Relancepolitik. Well dat si Suen, déi net an iergendwellech Yachten op Nice investéiert ginn, mee dat si Suen, déi direkt um Terrain wäerten ausgi ginn an also grad deene Betriber och kënnen zeguttkommen, déi am Moment vläicht ganz staark ënnert dëser Kris leiden. Alles Argumenter, mengen ech, déi en faveur schwätze vun där heiter Erhéijung.

Et ass awer och rituellt bal esou, dass d'Patronatsvertrieber Stuerem lafe géint all Mindestlounerhéijung mat ëmmer deene selwechten Argumenter, déi objektiv widderleucht sinn, nämlech, eng Mindestlounerhéijung géif Aarbechtsplazen zerstëieren. Mee wivill Aarbechtsplaze sinn an deene leschte 45 Joren zu Lëtzebuerg dann zerstëiert ginn duerch d'Mindestlounerhéijung? Dat soll mol ee mer virechnen. Et si keng zerstëiert ginn zu Lëtzebuerg. Am Géigendeel! Souguer a Krisenzäiten ass d'Zuel vun den Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg permanent weider geklommen. Also ass dat kee valabelt Argument.

■ **M. David Wagner (*déi Lénk*).**- Très bien!

■ **M. Marc Baum (*déi Lénk*).**- Duerfir, a well ech do erëm ganz enttäuscht war, war ech ëmsou méi freedeg iwwerrascht, wéi ech en Editorial gelies hu vun der Fondation IDEA, wou den Editoralist schreift: « Si la hausse de 2,8 % du salaire social minimum [...] a pu faire grincer les dents », vum Patronat, « force est de constater qu'assimiler [...] le salaire et la compétitivité des entreprises est une vision partielle des choses. [...] La confusion est en réalité de nature comptable. Tout comme les dépenses affectées à la recherche et au développement, celles pour les salaires apparaissent comme des charges sur le compte de résultat. Pourtant, la première est considérée comme un investissement alors que la deuxième ne l'est que très rarement. Croire qu'une entreprise puisse opérer en ne valorisant pas à la hauteur ses salariés revient à sous-estimer l'impact positif que peut avoir le capital humain. »

Dat heescht et. An dat ass eng Visioun, déi e bësse méi éclairéiert ass an e bësse méi fortschrëttlech ass wéi déi, déi mer meeschtens vum Patronat ze

héiere kréien. Dat heiten ass en Invest an humaant Kapital, deen immens wichteg ass!

Duerfir sinn ech awer ëmsou méi erstaunt, elo hei héieren ze hunn, dass et anscheinend eng Prekonditioun ginn ass vun enger Partei, fir hei hiren Accord ze ginn, nämlech dee vun der DP, déi seet: Ouni dat Gesetz vu 500 Euro hätte mir där heiter allgemenger Augmentatioun net zougestëmmt!

(Interruption)

Mee dat ass awer en Novum. Dat ass et awer an der Vergaangenheet vun der Demokratescher Partei net ginn. An dat solle mer eis alleguer ganz gutt mierken. Merci.

■ **M. David Wagner (*déi Lénk*).**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Marc Baum. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*).**- Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, 2020 war an ass e schwéiert Joer fir vill Betriber an hir Mataarbechter. D'Zuele vu Leit am Chômage sinn an der éischter Jorehallschent massiv geklommen. Do kann een esou schéi schwätzen, wéi ee wëllt, dass ass objektiv ze constatéieren. Vill Betriber konnte vum Chômage partiel profitéieren, mee leider huet dat fir vill Leit geheescht, dass se just nach op 80 % vun hirer Pai konnten zrëckgräifen. Net déi Leit, déi direkt vum Mindestloun profitéieren. Heifir hat d'Regierung gesuergt. An ech mengen, dass dat e ganz, ganz wichtegt Signal war.

Mee d'Zuele vun de vergaangene Jore weisen, dass nach ëmmer vill Leit hei am Land zu all Moment kënnen an d'Aarmut ofrutschen. Iwwer 100.000 Leit louchen 2019 ënnert der Aarmutsgrenz an hu soumat Problemer, mat deem Geld, wat se hunn, wa se es hunn, iwwert d'Ronnen ze kommen. Um Enn vum Portmonni ass halt fir vill Leit nach e bësse Mount, heiansdo och vill Mount iwwreg.

D'Zuele vum 31. Mäerz 2020 weisen, dass iwwer 33.000 Leit hei am Land mam Mindestloun auskomme mussen. Mir Piraten plädéieren derfir, dass de Mindestloun ëmmer mindestens 20 % iwwert dem Seuil vun Aarmutsrisko géif leien. Wann een den neie Mindestloun hält an de Seuil vun 2019, läit de Mindestloun tatsächlech e puer Euro iwwert der Aarmutsgrenz. Brutto! Awer leider nämlech nëmmen um Pabeier, well wa mer den Netto kucken, nodeem mer d'Steieren an d'Charge-socialen ofgezunn hunn, läit och dës Mindestloun, trotz Erhéijung, ënnert der Aarmutsgrenz.

Mir haten dofir och gefrot, dass mer weider Steiererlicheitungen fir Leit mam Mindestloun géife kréien an dofir e méi héije Spëtzeiteersaz kéinten notzen, fir dat ze kompenséieren.

Här President, mir verstinn natierlech op där anerer Säit och d'Patronen, déi en extreem schwéiert Joer hannert sech hunn, wa se fäerten, dass méi héich Lounkäschten hinne weider zousetze géifen. Mee dës Erhéijung gëtt et jo nëmmen, well d'Paien déi lescht zwee Joer insgesamt geklomme sinn. Et ass also en Ausgläich fir déi Leit, déi am mannste verdéngen. Et ass keng Indextranche, et ass hei wierklech eng Erhéijung fir déi Leit, déi am mannste verdéngen. De Mindestloun verdéngen!

Et geet hei drëm, e Retard auszgläichen an d'Schéier zwëschen deene méi décke Salairen an deene méi klenge Salairen net esou séier wuessen ze loosse.

An da kommen ech op eppes, wat de Marc Baum gesot huet a wat d'Fondation IDEA an hirem Rapport geschriwwen huet, an hirem Editorial, pardon. E Patron profitéiert vu besser bezuelten Aarbechtskräften, well en Invest an d'Aarbechterinnen, an d'Aarbechter, an all d'Salariéen ass genau dat. Et ass en Invest! Et ass net nëmmen eng Depense. Wa mer nämlech eis Leit anstänneg bezuelen als Patronen, da sinn d'Leit am Betrib méi present, well se sech eeben net och nach domadder beschäftege mussen, wéi se dann um Enn vum Mount de Portmonni nach iergendwéi gefëllt kréien niert hirem Job, well den Job selwer net duergeet, fir d'Enner beieneenzekréien.

A wann d'Leit méi Suen hunn, dann ass dat eng Méiglechkeet, fir d'Relance ze stimuléieren. Dann ass dat vill méi wéi eng Liberaliséierung vun Erëfnungszäiten oder vun anerem ganz, ganz libertärem Geschwätz, wat mer haut héieren hunn. Dat ass tatsächlech eng Mesure, déi direkt der Realekonomie disponibel ass. Et si Suen, déi direkt erëm an Nuddelen, a Gedréns, an all méiglech primär Besoinsproduiten investéiert ginn. Et ass also warscheinlech déi beschte Method, fir eng Relance économique ze starten.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, falls d'Betriber och am neie Joer sollten duerch Corona Problemer hunn, hir Käschen ze decken, hu mer eng Rëtsch Projeten, déi um Instanzeweie sinn. Ech hoffen, dass mer déi séier stëmmen. De Mindestloun ze erhéijen ass awer trotzdem dee richtige Wee, well et hëlleft, d'Leit ofzesécheren, déi mam Minimum mussen eens ginn an dofir oft ganz haart Aarbecht musse leeschten.

An dofir kritt dës Projet och den Aval vun de Piraten.

■ **M. Marc Goergen (*Piraten*).**- Ganz gutt.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Clement. Den Här Michel Wolter freet nach d'Wuert.

■ **M. Michel Wolter (*CSV*).**- Här President, ech soe Merci fir d'Wuert. Mir hunn elo grad just esou eppes wéi en Offenbarungseid héieren. An ech géif do un dat uschlëssen, wat de Kolleeg Baum elo just gesot huet, deen dat Ganzt pertinent eriwuerbruecht huet.

Mir hunn en déiwen Abléck an d'Liewe vun dëser Koalitioun kritt, an et ass déi éischte Kéier oppe gesot ginn! Et geet zou wéi um Basar: Häss du gären dat, dann hätt ech gären dëst! Gëss du mir dëst net, da ginn ech dir dat net! D'DP huet sech geout als dat, wat se eigentlech ëmmer war.

Ech wëll soen, dass mir als CSV dës Projet mat Iwwerzeegung stëmmen. Grad an dësen Zäite kee Sozialofbau! Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Wolter. An dann huet elo d'Regierung d'Wuert, den Här Vizepremier an Aarbechtsminister Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Dan Kersch, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.**- Här President, ech géif gäre menge Virriedner Merci soen an och dem Rapporteur Merci soen, dee wéi ëmmer en exzellente Rapport presentéiert huet. An esou, wéi et ausgesäit, wäert jo déi ganz Chamber mat Unanimitéit a mat Iwwerzeegung dës Projet stëmmen. Ech wëll lech dofir alleguerter Merci soen am Numm vun deenen iwwer 60.000 Salariéen hei am Land. An entgéint deem, wat der vill mengen, hu mer jo an der Kommissioun zesumme festgestallt, dass d'Majoritéit vun deene Leit och nach Residenten hei am Land sinn, wat net ëmmer esou kloer war.

D'Aarbechtsrecht gesäit effektiv am Artikel 222-2 vir, dass den SSM (ndlr: Salaire social minimum) bei eis iwwer Gesetz fixéiert gëtt an dass all zwee Joer soll e Rapport gemaach ginn, wou déi gesamt Evolution économique soll belicht ginn an och d'Evolution vun de Revenuen. An, le cas échéant, soll dann och e Projet de loi presentéiert ginn, deen de Relèvement vum SSM virgesäit. Domat ass, mengen ech, alles kloer gesot an alle Spekulationen virgegraff.

Verschiede Stëmmen hei am Land - leider ware se relativ haart - hu vun engem schlechten Zäitpunkt geschwat, vun engem „coup bas“, dee mer der Économie géife ginn. An et fält op, dass et déi nimmlechst Stëmme sinn, déi am Fong ëmmer géint d'Erhéijung vum Mindestloun waren, voire souguer de Prinzip vum Mindestloun ganz a Fro stellen.

D'Géigefro misst lauten: Wéini, wann net elo, solle mer dann déi Erhéijung vum Mindestloun maachen? Elo, wou erwisenermoossen déi vun der Kris am härteste getraff ginn, déi souwiesu schonn am mannsten hunn. Et war dofir hors question fir d'Regierung, fir dës Mindestlounerhéijung net virzehuelen.

Et wier och net richtig gewiescht, als Éischt, andeems mer e Gesetz net géifen applizéieren, just déi ze sanktionéieren, déi souwiesu schonn am meeschte vun der Aarmut bedrot sinn. Doriwwer ware mer eis an der Regierung vun Ufank un eens. A mir hunn, mengen ech, dat och iwwerall kloer gestallt.

D'Regierung huet déi Optioun vun der Erhéijung bewusst geholl an domat sozial Verantwortung iwwerholl. An ech sinn immens frou, dass d'Chamber dat unanime och esou gesäit. An dat mécht mech houfreg.

An dat, an ech soen dat hei, trotz deene verschidene schaarfen an zum Deel onfairen Attacks, déi op d'Regierung geridde gi sinn, wéi dat bekannt ginn ass, op d'Regierung am Ganzen, awer och op mech als zoustännegen Aarbechtsminister am Speziellen, deen duergestallt ginn ass als deen, deen alles géif maachen, fir dës Erhéijung an der Regierung durchzusetzen.

Ech wëll dorobber zwou Äntwerte ginn. Vlächcht eng méi perséinlech, wann Der mer dat erlaabt. Et stéiert mech séier weéng, wann ech vu Verschiddenen ëmmer erëm drun erënnert ginn, dass ech zu deene gehéieren, déi ëmmer erëm fir d'Rechter vun deenen einfache Salariéen antrieden. Ech kann domadder ganz gutt liewen. Ech wëll awer och eng méi inhaltlech politesch Äntwert ginn. Et ass ganz einfach falsch, fir déi Argumenter ëmmer erëm unzeféieren, fir ze soen, de Mindestloun an d'Mindestlounerhéijunge géifen Aarbechtsplaze vernichten! De Géigendeel ass de Fall, a Lëtzebuerg ass dat empirescht Beispill dofir! Mir sinn dat Land an der EU mat bei Wäitem deem héchste Mindestloun, a mir sinn awer och dat Land, wou d'Aarbechtsplazen am meeschten expandéieren. Mir sinn also d'empiri-



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :
Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel :
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :
brain&more, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :
Saint-Paul Luxembourg SA
2, rue Christophe Plantin
L-2988 Luxembourg

Editpress SA
Belval Plaza, 7, avenue du Rock'n'Roll
L-4361 Esch-sur-Alzette

rescht Géigebeispill fir déi Theorie vun der Aarbechtsplazvernichtung duerch de Mindestloun.

Ech hunn dat iwwregens och an deem leschten EPSCO-Conseil (ndlr: Conseil „Emploi, politique sociale, santé et consommateurs“), deen d'lescht Woch war, deene Kollegen aus den EU-Länner gesot, déi ëmmer nach skeptesch si fir eng europawäit Aféierung vun engem Mindestloun. Ech si frou, dass et just e Lëtzebuerger Kommissär ass, deen an der Kommissioun derfir suergt, dass do eng Initiativ ausgeschafft gëtt, fir endlech de Mindestloun och um europäeschen Niveau ze etablieren.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Ech wëll awer och soen, dass d'Regierung natierlech och déi ekonomesch Säit vun der Problematik gekuckt huet an och am ekonomesche Beräich hir Verantwortung iwwerhëlt. Dofir gëtt jo och parallel e Projet de loi vu Kompensatioun op den Instanzewee geschéckt, deen zäitlech begrenzt an zilgeriicht deene vulnerabelste Betriber hëlleft, fir dës Mindestlounerhéijung och kënnen ze verkraaften. An de Minister Delles wäert am Numm vun der ganzer Regierung dëse Projet mat lech hei an der Chamber diskutéieren. An ech ginn dervun aus, dass mer och deen a grousser Eestëmmegkeet hei wäerten evaküieren.

D'Erhéijung vum Mindestloun gëtt geschat mat enger zousätzlecher finanzieller Belaaschtung fir d'Betriber pro Joer vu ronn 54,7 (veuillez lire: 54,3) Milliounen Euro. Dee Projet de compensation vun deem ech geschwat hunn, do gëtt geschat, dass dat sech ëm ronn 20 Milliounen wäert handelen.

Donieft, an dat soll een awer och eng kéier hei soen, dierf een net vergiessen, dass d'ëffentlech Hand souwisou e groussen Deel vun deene 54,3 Milliounen iwwerhëlt, eeben duerch d'Ausbeuele vum Chômage partiel, wou leider nach eng ganz Rei vun deene Betriber wäerten dovunner profitéieren, déi am Mindestlounberäich aktiv sinn.

An ech wëll hei mol nach net vun all deenen zousätzlechen Aidë schwätzen, déi mer als Regierung op den Instanzewee bruecht hunn, déi schonn decidéiert sinn an déi an der nächster Zukunft och nach wäerten decidéiert ginn. An ech ginn och do dervun aus, dass d'Chamber doriwwer kee Sträit wäert kréien. Dofir, wann een dat alles kuckt, wär et vläicht un der Zäit, dass déi grouss Kritiker un dëser Mindestlounerhéijung ee fir alle Mol, oder vläicht dës Geleeeënheet genotzt hätten, fir eng kéier eng aner Plack opzeleeën an, wa se schonn déi Mindestlerhéijung net kënnen begrëissen, sech zumindest an hirer Kritik zréckgehal hätten.

D'Regierung huet also hir sozial politesch Responsabilitéit iwwerholl a gesteeet deene mat deene klengste Paien dat zou, wat déi aner scho laang kritt hunn. Och dat ass virdrun hei gesot ginn. Vergiesse mer net, dass déi 2,8%eg Erhéijung net méi an net manner ass wéi d'Upassung un d'Lounentwécklung vun de Joren 2018 an 2019.

Si huet dat gemaach, déi lokal politesch Verantwortung iwwerholl, awer och mat engem ganz klare realpoliteschen ekonomeschen Ausbléck. Et ass also net dat eent géint dat anert, mee et ass dat eent mat deem aneren. Vläicht wär et gutt, wa mer eis dee Prinzip géife méi oft zu Häerz huelen, fir och dës Kris nach besser ze meeschten.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Aarbechtsminister Dan Kersch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7719. Den Text steet am Document parlementaire 7719².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7719 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domat ass dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Martine Hansen), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

6. 7722 - Projet de loi portant sur la modification de :

1° la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;

2° la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale

Mir kommen elo zum Projet de loi 7722 iwwert de REVIS. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

■ **M. Max Hahn (DP), rapporteur.**- Merci, Här President, dëse Projet de loi knäppt un un de Projet, iwwert dee mer elo grad ofgestëmmt hunn, nämlech d'Erhéijung vum Mindestloun. De REVIS, jo, dat wësst Der, dat ass dat soziaalt Opfangnetz fir déi Vulnerabelst aus eiser Gesellschaft, déi Schwierigkeiten hunn, sech an den Aarbechtsmaart ze integréieren.

Des Weidere solle jo Betreuungsmechanismen a finanziell Incitatiounen d'Leit derbäi ënnerstëtzen, erëm eng Aarbecht ze fannen, fir esou net méi op d'Hëllef vum Staat ugewisen ze sinn. De Volet vun der finanzieller Ënnerstëtzung ass also net deen eenzege wichtege Aspekt vum REVIS, et ass villméi en Zesummespill vun den Acteuren, notament der ADEM, dem ONIS (ndlr: Office national d'inclusion sociale) an hire Partner um Terrain. Well dës Zesummenaarbecht laut Echoe vum Terrain gutt fonctionéiert, hu mir eng reell Chance, d'Leit esou séier wéi méiglech aus der Aarmut erauszekréien an ze errechen, dass si net méi op déi finanziell Hëllef vum Staat ugewise sinn.

Här President, ech hat et schonn d'lescht Joer am Juni op dëser Plaz gesot: De Statec schreift a sengem Rapport „Travail et cohésion sociale“, dass de REVIS gutt mam Seuil absolu de pauvreté alignéiert ass. Fir dass dat och an Zukunft esou bleift, stëmmen mir haut schonn déi drëtt Erhéijung vum REVIS an och vum RPGH, also dem Revenu pour personnes gravement handicapées, zanter dass 2018 den RMG duerch de REVIS ersat ginn ass.

Dës Adaptatiounen geschéien, wéi gesot, parallel zu deene vum Mindestloun. Béid Revenuen, de REVIS an de RPGH, ginn also ab dem 1. Januar 2021 ëm

2,8 % erop, parallel zum Mechanismus, wéi mer e grad beschriwwen krute beim Mindestloun.

Wat, léif Kolleginnen a Kollegen, bedeit dat fir eise Budget 2021?

Ben, d'Prestatiounen fir de REVIS goufen op 200,3 Milliounen Euro geschat. Déi géifen elo ëm 5,6 Milliounen an d'Luucht goen. An déi fir den RPGH dogéint, déi ware mat 53 Milliounen Euro chiffriert an déi géifen ëm 1,5 Milliounen an d'Luucht goen. Alles an allem mécht dat deemno eng Hausse vu 7,1 Milliounen aus.

Här President, ech géif dann zu den Avise kommen. De Staatsrot huet säin Accord zu dësem Projet de loi ginn. D'Chambre des Salariés begréisst d'Adaptatiounen, bedauert awer, dass 2013 an 2015, wéi de Mindestloun an d'Luucht gaangen ass, keng Adaptatioun vun deenen zwee anere Revenuen, also dem REVIS an dem RPGH, gemaach gouf.

Här President, fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Just nach eppes wëll ech betounen, well een et net oft genuch ka widderhuelen: Dës Mesuren ënnersträichen déi gutt Sozialpolitik, déi mer hei zu Lëtzebuerg kennen an déi mer hunn an déi mer och nach weider verbessere wëllen. Dofir ginn ech ganz gären den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei. Ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren. A menge Kommissiounsmembere soen ech villmools Merci, dass dat alles esou séier iwwert d'Bün gaangen ass a fir hir Flexibilitéit mat de Kommissiounssitzungen, notament wat d'Hoirairen ugaangen ass, déi emol déi eng oder déi aner kéier liicht geréckelt waren.

Villmools merci!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Rapporteur Max Hahn. An ech ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Paul Galles. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Paul Galles (CSV).**- Villmools merci, Här President. Merci och fir d'éischt dem Rapporteur, dem Max Hahn, fir säi gudden schrëftlechen an och de mëndleche Rapport. An och wann et tatsächlech heiansdo sportlech war, fir dëse Projet de loi virzebereeden an och ze diskutéieren, esou hu mer et awer gäre gemaach, well mer de Sënn an d'Wichtigkeet vun dësem Projet de loi och als CSV agesinn a voll a ganz ënnerstëtzen.

De Montant vum REVIS an och de Montant vum RPGH, also vum Revenu d'inclusion sociale a vum Revenu fir d'Personnes gravement handicapées, geet also ëm 2,8 % an d'Luucht parallel zu deem, wat mer elo just an där Diskussioun iwwert dee Projet de loi virdrun héieren hu beim Mindestloun. An dat ass gutt esou! Et ass, wann et beim Mindestloun keen Automatismus ass, hei nach manner en Automatismus. Et ass wouer, dass et natierlech all zwee Joer erëm nei diskutéiert gëtt an och dann nei ugepasst gëtt, mee hei beim REVIS war et esou, dass et an deene leschte Joren - an d'Chambre des Salariés huet an hirem Avis nogerechent säit dem Joer 2006 - en Decalage gëtt. En Decalage, deen dohier kënnt, dass zweemol eeben de REVIS net ugepasst gouf, well den RMG zu där Zäit wéi de Mindestloun ugepasst ginn ass (veuillez lire: well den RMG zu där Zäit net wéi de Mindestloun ugepasst ginn ass). Dofir ass et eebe keen absolutten Automatismus. Also an dësem Fall ass et eng politesch Entscheidung, et trotzdem ze maachen. An dat ass eng Entscheidung, déi mir begrëissen, well mer mengen, dass se grad zu dëser Zäit essenziell a kruzial wichtig ass.

An esou vill wéi mer och hannert dem REVIS stinn, esou wëll ech trotzdem nach eng kéier och betounen, dass et ëmmer nach déi Froe gëtt an eis déi Froe bleiwen, déi mer eis awer trotzdem ëmmer nach stellen, déi sech iwwerhaupt op de REVIS insgesamt bezieien. Déi Fro mat de 25 Joer, déi Fro mam Haushalt, mat de Wunnenformen an och déi Fro mat der Simplification administrative. An dat si Froen, vun deene mer mengen, dass se ëmmer nach virulent a relevant bleiwen, soulaang mer d'Diskussiounen ëm de REVIS weiterféieren.

Wat awer ganz wichtig ass, an dat, mengen ech, muss een onbedéngt betounen, dat ass, dass, wann een de REVIS genau kuckt - an den RPGH ass jo un de REVIS ugeglibdert, gebonnen -, dann ass en eigentlech näischt anescht wéi déi gemeinsam vun eis an der Chamber parlamentaresch festgeluechte Mindestgrenz fir d'Aarmut. Et ass dee Montant, dee mir entscheiden, deen all Mënsch an dësem Land eigentlech zegutt soll hunn, fir kënnen ze liewen.

An dann, mengen ech, ass et ganz wichtig, och dee Gedankegang weiterzeféieren, dee bei deem Gesetzesprojet virdrun ugestouss ginn ass, wéi de Kolleg Marc Baum deen Editorial aus der Fondation IDEA virgestallt huet, wou et drëms gaangen ass, dass et eeben ëm d'Mënsche geet, ëm d'Mënschen! A grad beim REVIS si mer ëmsou méi bei dësem Thema. Et geet net drëms, als Éischt - et geet och

drëms, mee net als Éischt - d'Kafkraaft vun de Mënschen ze erhéien, also eng konsumistesche Approche, mee et geet ëm d'Mënschen. A grad beim REVIS ass dat nach méi wouer wéi beim Mindestloun. Well beim Mindestloun kann ee gutt schwätze vun Humankapital - dat ass d'Wuert, wat do gutt passt, Humankapital -, mee beim REVIS schwätze mer och iwwer Mënschen, déi net onbedéngt an engem theoreetesche Sënn kapitaliséierbar si fir dat, wat een Humankapital kann nennen. Hei geet et ëm d'Wäert vun de Mënschen a wéi vill eis d'Mënsche wäert sinn, fir un eiser Gesellschaft kënnen ze participéieren.

An da muss een nach eng kéier och déi Fro stellen, déi d'Chambre des Salariés opgeworf huet, well eeben trotzdem en Decalage besteet vis-à-vis vun deem, wat beim Mindestloun erhéicht ginn ass. Si soen, dass do, wou elo 2,8 % dropgeluecht ginn, en eigentlech - wann ee wëllt op dee Punkt kommen am Verglach zu 2006, dass ee parallel géif bleiwen zu deem, wat de REVIS eigentlech hätt missen déi ganzen Zäit graduell erhéicht ginn - dës kéier ëm 4,35 % misst an d'Luucht goen. An déi Fro, déi ech der Madamm Ministesch gäre wëilt mat op de Wee ginn, ass déi, ob och do eppes virgesinn ass, fir dee Retard, deen do awer bestoe bleift, och iergendwann eng kéier opzehuelen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Paul Galles (CSV).**- Et ass eis wichtig, dass mer ëmmer erëm drop beharren a soen, dass de REVIS dat ass, wat d'Mënschen an dësem Land verdéngt hunn a wat mir entscheiden, dass hinnen zousteet.

En ass opgedeelt an déi Allocation d'activation an déi Allocation d'inclusion. Dat si Saachen, déi technesch ganz wichtig sinn, am Detail awer immens, immens tricky an heiansdo ganz, ganz komplex. Awer et ass kloer, et ass en universelle Bäitrag, dee fir all d'Mënsche gëllt, och wann en u Konditiounen gebonnen ass.

Dofir eis fest an eis iwwerzeegten Zoustëmmung zum REVIS.

An ech wëll awer zum Schluss vun dësem klengen Kommentar zu dësem Gesetz och nach eng kéier derbäisoen: Souguer wa mer elo op 2,8 % ginn a souguer wa mer op 4,35 % géife goen, da géifen déi Leit, déi Empfänger vum REVIS sinn, trotzdem an dëser Gesellschaft nach ënner villen anere Problematike leiden. An ech nenne just de Logement an och d'Integratioun an déi Gesellschaft, déi ganz oft gewinnt ass, mat ganz anere Montanten ëmzegoen.

Trotz allem, a grad well et dee richtege Moment ass, fir dëse Projet de loi ze stëmmen, d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun. An ech soen lech villmools Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Galles. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz. Madamm Asselborn-Bintz, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP).**- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, Lëtzebuerg huet e staarke Sozialmodell. A grad an den Zäiten, an deene mer eis am Moment befannen, ass et kruzial, dass mir esou e Modell hunn. Dat huet beim viregte Projet zur Erhéijung vum Mindestloun mäi Fraktiounskolleg a President Georges Engel gesot. A well et fir eis als LSAP esou wichtig ass, op e gudd Sozialsystem kënnen zréckzegraifen, dee mir matopgebaut hunn, ass et fir eis evident, dass un dësem System a senge Prinzippien och a grad a Krisenzäiten net gefréckelt gëtt.

Dofir sti mir als LSAP hannert der Erhéijung vum Mindestloun, mee vergiessen awer net, dass et do dernieft Leit gëtt, déi aus verschiddene Grënn net kënnen enger gereegelter Aarbecht nogoen, mat engem normale Salaire, deen net duergeet, fir ze liewen, mee op zousätzlech Hëllef vun engem staarke Sozialstaat ugewise sinn.

Mat dem Projet, dee mer elo stëmmen, wäerten also ab dem 1. Januar de REVIS an och den RPGH, also Revenu pour personnes gravement handicapées, ëm 2,8 % an d'Luucht goen. Fir eis ass dës Mesure wichtig a richtig, well se deene Leit, déi et am néidegsten hunn, ënnert d'Äerm gräift.

Wéi d'Zuelen eis weisen, geet d'Präisdeierecht weder an d'Luucht, vun de Präisser vum Immobiliemarché guer net ze schwätzen. Dës Erhéijung ass also absolutt ubruecht.

Här President, eis läit besonnesch um Häerz, dass d'Schéier tëschent Aarm a Räich net och nach duerch Manipulatiounen un eisem System duerch eng Kris, fir déi keen eppes kann, weider auserneegeet. Au contraire! An esou Zäite wéi dëse musse mer verstärkt hëllefen an alles drusetzen, dass et jiddwerengem gutt geet.

Dir Dammen an Dir Hären, aus dëse Grënn war et fir eis vun UFank u kloer, dass dës Erhéijung op den 1. Januar e Garant vun der sozialer Gerechtegkeet ass. An ech gi selbstverständlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun. A mat engem besonnesche Merci un de Rapporteur fir seng Rapporten. Merci.